N°249
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 24te Juni 2025 wéilt ech der Ministesch fir Sozialversécherung eng mëndlech Fro stellen.

D'Pensiounsreform war wärend de Walen 2023 keen Thema, iwwert dat d'Parteien am Walkampf informéiert haten, wat se genee wëlle maachen a wéi eng Moossnamen solle geholl ginn.

Et ass awer een Thema, wat jiddereen an eiser Gesellschaft betrëfft a wou d'Leit wahrscheinlech ganz aanechters gewiehlt hätten, wa se hei am Viraus informéiert an opgekläert gi wieren.

Eng Pensiounsreform vun uewen erof ouni d'Averständnis vun de Wieler:innen duerchzeboxen, wou ee Groussdeel vun de Leit och nach dobäi verléiert, entsprécht kengem gudden Demokratieverständnis.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

Wäert d'Regierung ee Referendum organiséieren, fir esou d'Reform vun de Pensiounen demokratesch ze legitiméieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten